Eis Organisten an der Philharmonie

Eise Projet „Eis Organisten an der Philharmonie“ samschdes, de 16. Februar 2008, hat e ganz groussen Erfolleg: 8 vun eisen Organisten hunn de ganzen Nomëtteg e ganz schéine Programm présentéiert, dee bei deene ville Leit, déi do waren, ganz gutt ukomm ass. Deen Erfolleg huet de Comité Central encouragéiert, dëse Projet mam Accord vun der Philharmonie 2010 ze widerhuelen.

Duebel-CD Passioun 2008

An der Kierch zu Réimech ass dee ganze Programm vun der Passioun 2008 opgeholl ginn. Elo kann een déi Duebel-CD am Piusverband bestellen duerch Iwwerweisung vun 18 Euro an 2 Euro fir d'Käschten, déi een op de Postscheck LU55 1111 2433 3458 0000 vum Piusverband mam Vermierk „CD Passioun 2008“ iwwerweist.

UNION SAINT PIE X
64, rue Charles Martel L-2134 Luxembourg
Tél.: 26 20 18 99 Fax: 26 20 18 98

www.piusverband.lu
Secrétariat: saintpie@pt.lu
Centre de documentation: unionpie@pt.lu
Layout: Fernand Kridel

Piusblietchen
Informatiounsblat vum Piusverband
Nummer 2 / Mee 2008

Just e Wuert

Lues a lues denke munnecher vun äis schonns un d'Vakanz, d'Vakanz am Chouer an d'Vakanz an der Famill.
Mee virdru wëlle mir Iech nach e puer Detailer matdeelen, wat elo dat Aktuellt a wat schonns déi nächst Méint am Piusverband ubelaangt.
Fir är Vakanz am Chouer an déi an der Famill wënsche mer Iech elo schonns vun Häerzen all Guddes, datt dir nei Kraaft sammelen an am Hierscht mat neiem Elan am Chouer ufänke kënnt.

Roby ZENNER
President vum Piusverband

40. Anniversaire vum Piusverband

D'nächst Joer, 2009, feiert de Piusverband säi 40. Anniversaire. D'Virbereedunge fir déi bescheide Feiere lafen elo schonns op Héichtouren. Si gesi virun allem d'Éditioun vun enger Spezialnummer vum „Canticum Novum“ an zwee apart Concertë vir. Fir déi Feieren ze plangen, ass en extrae Comité d'Organisation agesat ginn, dee sech esou zesumme setzt: President: Roby ZENNER; Vizepräsident: Albert BRAUCH; Sekretärin: Lydie JUNG-JUNGBLUT; Caissière: Hortense FRISING; Beroderin: Marie-Anne WERNER; Dirigent fir d'Prouwen: Georges KUFFER. An éischter Zäit verschécke mir weider Detailer iwwert den Anniversaire.

Passioun 2008

De Comité Central seet deene ville Mataarbechter vun der Passioun 2008 e ganz häerzleche Merci, ugefaang beim Dirigent Georges Kuffer, den Organisten, de Sängerinnen a Sänger, de Lektorinnen an de Lektoren an allen, déi am Hannergrond méi wéi eng Hand ugepaakt hunn.

E ganz grousse Merci

De Comité Central seet deene ville Memberen aus eise Choralen e ganz groussen an häerzleche Merci, déi an der Stad an der Oktavmass vum Piusverband waren, déi un der Schlussprëssioun deelgeholl hunn an déi zu Iechternach am Groupe vum Piusverband mat gebiet a mat gesongen hunn. Eise waarme Merci och un de Basilikachouer ënnert der Leedung vum Marc Juncker, mam Paul Kayser op der Uergel, déi op Ufro vum Comité Central d'Initiative vum Chouer an der Oktavmass geholl hunn.

Nei Dekoratioun: 60 Joer a méi

An Zesummenaarbecht mam Äerzbëschof vu Lëtzebuerg huet de Piusverband eng nei Dekoratioun fir déi Membere vun eise Choralen agefouert, déi wéinstens 60 Joer Activitéit opzeweisen hunn. Grad wéi fir déi aner Auszeechnunge sollen déi Leit op déi Lëscht geschriwwe ginn, déi mir de Choralen extra duerfir geschéckt hunn, an da ginn si vum Äerzbëschof op en Ëmfank invitéiert, op deem si en Diplom fir op d'mannst 60 Joer Mataarbecht kréien. No engem éischten Opruff hu mir schonns 70 Aschreiwunge kritt, elo maache mir den zweeten a leschten Opruff: déi Choralen, déi hir Lëscht nach net eraginn hunn, kënnen dat nach bis den 1. Juli maachen. Duerno gi keng Umellungen méi ugeholl, well d'Feier ass fir den Hierscht geplangt.

Prix d'encouragement

Ganz nei ass och de „Prix d'encouragement", deen de Piusverband vun 2008 un agefouert huet. Op Grond vun engem extrae Reglement siche mir all 3 Joer Choralen, déi extra Initiativë fir d'Kierchemusik, de Kierchegesank, de Gesank vun de Kanner an de Jugendleche geholl hunn. D'Choralen, déi an deem Fall sinn, beschreiwen hire Projet kuerz op engem Ziedel, dee mir de Choralen zougeschéckt hunn. E Jury sicht dee beschte Projet eraus, dee mat engem Diplom a mat 250 Euro belount gëtt. Déi interesséiert Choralë mussen hire Projet bis de 15. Juni eraschécken.

VI. Concert National

Elo schonns kënnegt sech dee VI. Concert National un: d'Chorale Sainte-Cécile vu Biergem-Steebrécken-Wickréng ënnert der Leedung vum Claudette Zeimes trëtt freides, de 5. Dezember 2008, owes um 8 Auer, am Sall vun der Musique de Chambre an der Philharmonie am Kader vun eise Concertë „Fräiraim" mat engem schéine Concert vu russescher Musik op.

Beiträg 2008

Eis Trésorerie muss och dëst Joer erëm bedaueren, datt eng Parti Chéier sech bis elo nach ëmmer net ugemellt hunn, an datt se duerfir och nach keng Rechnung konnte kréien, fir d'Memberskaart ze bezuelen. Mir erënneren nach eng Kéier drun, datt déi Memberen, déi vun hire Choralen net ugemellt sinn, och net an de Versécherungen Onfall, Haftflicht a Kasko verséchert sinn. Wann also e Sinister virkënnt, da bezillt eis Versécherung net, an dat ass dann d'Responsabilitéit vum Comité vum Veräin. Duerfir e waarmen Appell un déi Choralen, déi sech nach net ugemellt oder nach net bezuelt hunn, dat soubal wéi méiglech ze maachen, well d'Konsequenze sinn ënner Ëmstänn ganz schlëmm.

Porte Ouverte am Dokumentationszentrum

Fir e Samschdeg, de 5. Juli 2008, vun 9 bis 12 Auer, invitéiere mir besonnesch d'Dirigenten, awer och all Interesséiert vun eise Choralen op eng Porte Ouverte an den Dokumentatiounszentrum an eisem Generalsekretariat, 64, rue Charles Martel zu Lëtzebuerg. En ass ganz liicht ze fannen: ënnen an därselwechter Strooss wéi de Stater Conservatoire. Dir kënnt an der Strooss parken – samschdes ass do wéineg lass – oder de Bus 12 bis bei de Conservatoire huelen. Dir kënnt am Dokumentatiounszentrum Asiicht huelen an déi bal 4000 Partituren, Iech vum Patrick Colombo, dem Responsable vum Dokumentatiounszentrum, berode loossen an Iech alles weise loossen.